Interventioun vum Mouvement Ecologique am Kader vun der Rifkin-Debatt an der Chamber vum 26. Oktober 2017

De Rifkin Prozess huet sécherlech derzou bäigedroe verschidde Leit zesummenzebréngen an un en Dësch ze setzen, déi dat bis elo wuel net an där Form gemaach hunn. Dat as positiv.

Et gouf och fäerdeg bruet, datt virun allem och méi technesch Iwwerleeunge viru gedriwwe ginn, z.B. betreffend ekologesch Baumaterialien, am Energieberäich, och dat as positiv.

Mä: et besteet en eklatante Gap tëschent dem Diskussiounsbedarf an den Erausfuerderunge vun der Zukunftsgestaltung vun eisem Land, an deem wat bis elo am Rifkin Prozess geschitt ass.

D'Tatsaach ass - an dat as symbolträchteg - datt déi grouss ëffentlech Virstellung vun de Resultater vum Rikfin Prozess duerch d'Regierung vum 9. November ënnert dem Chreno "qualitative Wuesstem" steet.

De Rifkin-Prozess, wéi en elo organiséiert ass, stellt deemno net d'Fro vum eigentleche Gesellschafts- a Wirtschaftsmodell vu muer. **Dobäi ass déi Froestellung engersäits eng absolut Noutwendegkeet aus der Perspektive vun der nohalteger Entwécklung an anersäits och onerlässlech, wann een d'Digitaliséierung net nëmme wëll technesch begleeden ma och politesch steieren.**

Als Mouvement Ecologique ass d'Kärfro weiderhin déi vum Modell Lëtzebuerg! An de Rifkin-Prozess huet deelweis wëlle virmaachen, datt en déi opgräift… ma dovunner si mäer (nach) meilewäit ewech.

Sécherlech kënnen a solle wichteg Zukunftsbranche wuessen, regional Holzvermaartung oder Liewensmëttelproduktioun, erneierbar Energien asw.

Ma dat eleng ergëtt net e nohaltege Wuesstem, ma ass "just" nohaltege Wuesstem a bestëmmte Branchen.

Gemäss Regierung reit sech z.B. Google an de qualitative Wuesstem an.

Dat e.a. well relativ wéineg Aarbechtsplazen entstoe géifen an, esou de Message, déi mat villen Aarbechtsplaze verbonnen Nodeeler domat net gi wären.

D'Fro ass elo, op dat de richtege Parameter an iwwregens och den an där Form relevante vum qualitative Wuesstem ass. Well, dat muss ee jo soen, bis elo huet d'Regierung an och soss keen zu Lëtzebuerg gesot, wat fir eis deen ominéise Begrëff nohaltege Wuesstem wierklech soll bedeiten.

Mäer féieren duerfir aner Elementer un an der Google-Diskussioun, déi eigentlech de Grondproblem gutt charakteriséieren:

- Wa Lëtzebuerg sech esou vehement géint en anere Besteierungssystem vun esou Firmen op EU Niveau wiert a just enger OECD Léisung zoustëmme ggf. wéilt, soll ee sech näischt virmaachen, da wësse mäer, datt dat net esou séier kënnt, wann iwwerhaapt. Wat as dann déi ekonomesch Plus-value vu Google fir eist Land, ausser dem Eischtinvest?
- Gemäss Wirtschaftsminister, dem Haaptexponent vun dem Rifkin Prozess, waren en plus eis niddreg Energiepräisser ganz relevant, datt Google sech eist Land erausgesicht hätt. As dat

zukunftsweisend fir e Land, eng Wirtschafts-Politik an Zäite vu Klimawandel ob niddreg Energiepräisser ze baséieren? Neien Tanktourismus an Aussiicht?

- Ma vill méi nach: Google huet net nëmmen, bei aller technologescher Performance, en immensen Energieverbrauch, ma verbrauch och ganz vill Land! Während mäer beim Wunnengsbau – léif gesot héchstens mat mini Trëppelschrëtt viru kommen – wären hei ebeemol 25 ha do! Loosst Iech op folgend Rechebeispill an: Gemäss offizielle Prognosen géinge bis 2030 eng 142.000 – 192.000 weider Aarbechtsplazen an d'Land kommen. Wann do all Aarbechtsplaz esouvill Terrain géing brauchen, wéi eng bei Google, bréichte mäer 15.936 ha nei Aktivitéitsflächen. Vum Recht net ze schwätzen. Ausgewise sollen der awer 723 ginn…
- A just fir et ze soen: et lafe Rumeuren, wéi wa Google géing eng 5-10% vum landeswäite Waasserverbrauch hunn… Wann dat och nëmmen unähernd wouer wär, ass da Google qualitative Wuesstem?

Wat also ass also d'Definitioun vum qualitative Wuesstem vun deem eis Regierung schwätzt?

Maache mäer eis näischt vir, déi flott Begrëffer qualitativ oder gréng gaukelen eppes vir, wat net méiglech ass... an ausserdeem och net onbedéngt erwenscht, well doduerch eise Wuelstand net per se erheicht gëtt, am contraire.

An der Vergaangenheet waren Effizienzsteigerunge sécherlech begréissenswäert, ma insgesamt hu si net zu enger reeller Reduktioun vun de Verbräicher gefouert. Duerch méi Konsum deen dann oft entsteet, duerch de sougenannte Reboundeffekt asw., ass de facto den Energie- a Ressourceverbrauch awer geklommen. Mäer mussen awer angesichts Klimawandel, Grenze vun de Ressourcen, der Tatsaach, datt Lëtzebuerg lieft wéi wann eis d'Ressource vu 7 Planéiten zur Verfügung stéingen, drastesch ëmdenken.

En einfacht Beispill ass den Auto: sie si mi spuersam ginn, awer ëmmer méi grouss, insgesamt huet déi Steigerung vun der Energieeffizienz net déi esou wichteg Reduktioun vum Energieverbrauch bruecht. An esou richteg grondsätzlech d'Circular Economy ass, sou soll een och do net blauäugeg sinn. Circular Economy huet och de Risiko, datt méi consomméiert gëtt, mei "liichtfankeg" ëmmer nei Wueren agesat ginn, well jo gemengt gëtt: Alles ass am Lot, et gëtt jo net ewechgeheit. Datt mäer awer trotzdeem wesentlech Ressource verbrauchen, och fir d'Circular Economy um Lafen ze halen, gëtt net thematiséiert.

Eng relativ Entkoppelung vu Wuesstem an Energieverbrauch ass sécherlech méiglech a sënnvoll, ma mäer brauche méi: en absolute Réckgang vum Material- an Energieverbrauch. Ze mengen, dëse Réckgang wär ze erreechen, ouni den op Wuesstem baséierende Gesellschafts- a Wirtschaftsmodell ze hannerfroen, ass schlichtweg sech selwer an d'Leit getäuscht.

A just fir eng aner Dimensioun eranzebréngen, wou weist, datt eise System geännert muss ginn. An de leschten 10 Joer sinn och an eisem Land x-Vullenaarten ausgestuerwen, Wisepiipsert, Brongbrëschtchen ; Gro Mësch ("Grauammer"), Piwitsch, fir just dei ze nennen. Vun de Feldhénger gëtt et just nach eng Handvoll Koppelen.

E Wuert nach zur Finanzéierung vum Sozialsystem: 2014 hunn Ëmweltsteieren zu Lëtzebuerg grad emol 5,25% vun de Steierrecetten ausgemaach, dat as zeguer manner wéi 2008, wou et ëmmerhin nach 8,12 waren. Déi relativ Belaaschtung vum Kapital ass mat 21,2 % op engem historeschen Déif. 50,4% kommen iwwert de Factor Aarbecht. Ass also de Wuesstem, fir just dest Beispill ze huelen, den eenzege Mechanismus vum Finanzement vum Sozialsystem? Nee! Mäer musse kucken, an et gëtt secher Weeër, wéi de Finanzement vum Sozialsystem manner ofhängeg vum Wuesstem gestallt gëtt.

Mir mussen eise Wirtschafts- a Gesellschaftsmodell hannerfroen. An do huet de Rifkin-Prozess bis elo versot.

Wéi iwwregens och soss bei grondsätzleche Froen, déi do e.a. sinn:

- Verdeelungsgerechtegkeet: Wiem kommen di Effizienzgewënner zegutt?
- Dateschutzbestëmmungen
- Reorganisatioun vum Aarbechtsmuart….

Rifkin ass bis elo ze techniklastesch.

Bei der digitaliséierter Gesellschaft maache mäer, wéi wann d'Technik en autonomen Auto wär, dee sech selwer fortbeweegt. Ma net d'Technik ass de Chauffeur, ma mäer als Gesellschaft solle fueren, d'Richtung virginn an zu all Ablack agräife kënnen.

Ma technesch Entwécklunge mussen e politesche Kader kréien, baséierend op gemeinsame Wäertevirstellungen.

Duerfir mussen déi gesellschaftlech, ethesch a rechtlech Froen an de Fokus gestallt ginn.

Planung däerf sech net no den technesche Méiglechkeete ma no de Bedürfnisser vun de Leit riichten.

Keck as, datt de Mark Zuckerberg bei Facebook gepost huet *« Are we building the world we all want ? »*